ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An engem Artikel am *Lëtzebuerger Journal* vum 6. August ass ze liesen, datt ab dem 1. Mee vun dësem Joer eng nei Veruerdnung a Kraaft ass, déi den Transportsecteur betrëfft. Et wär deemno esou, datt e Camionschauffer op mannst 25% vu senger Aarbechtstätegkeet an deem Land virweise muss, wou hien och seng Sozialausgaben abezilt. Dës Veruerdnung wier awer ganz onglécklech, well dat an der Praxis kaum méiglech ass, vue dass déi meeschte Chauffeure jo permanent am Ausland ënnerwee sinn. Et heescht dann och, datt am Hibléck op dës Mesure eng Rei Betriber elo d'Méiglechkeet a Betruecht zéien, mat hirem Betrib an d'Ausland ze plënneren. Et ass deemno verständlech, datt am Lëtzebuerger Transport- a Logistiksecteur dowéinst den Ament eng grouss Onrou ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung déi uewe genannten Informatioune confirméieren?
2. Wa jo, ass dës Veruerdnung am Hibléck op den Transport- a Logistiksecteur an den Ae vun der Regierung net och ganz onglécklech a wat fir gesetzlech Dispositioune gedenkt d'Regierung elo virzehuelen, fir dem Transportsecteur entgéintzekommen an esou eng méiglech Flucht vu Betriber an d'Ausland ze verhënneren? A wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dësen Dispositioune gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten